**Titel vum Fuerschungsprojet**: Youth Survey Luxembourg 2024

**Akronym vum Fuerschungsprojet:** YSL 2024

# Projetsbeschreiwung

## Ziler vum Fuerschungsprojet

D'Jugendëmfro Lëtzebuerg ass e gemeinsame Projet vun der Universitéit Lëtzebuerg (UL) an dem Ministère de l'Éducation Nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE). Zil vun der Jugendëmfro Lëtzebuerg ass et, Erkenntnisser zu verschiddene Liewensaspekter vu Jugendlechen a jonken Erwuessenen zu Lëtzebuerg ze liwweren. Zil ass et, zouverlässeg, widderholl Queeschschnëttsdaten ze sammelen, déi fir d'Erfuerschung an Iwwerwaachung vun der Situatiounsentwécklung vu jonke Mënschen zu Lëtzebuerg – besonnesch no der Pandemie – erfuerderlech sinn an evidenzbaséiert politesch Reaktiounen erméiglechen. No den Ëmfrowellen an de Joren 2019, 2020 an 2021 gëtt an de Joren 2023 an 2024 nees eng representativ Onlinebefroung an e Virtest duerchgeféiert. D'Analys vun dësen Date liwwert dréngend benéidegt Noweiser fir den all fënnef Joer stattfannende Jugendbericht an d'lafend Fuerschungsprojete vum Centre for Childhood and Youth Research (CCY).

## Questionnaire

D'Jugendëmfro Lëtzebuerg besteet aus 8 thematesche Modüllen, déi d'Beobachtung vun Trenden am Laf vun der Zäit erméigleche sollen. Dat heescht, a 5 Joer gëtt nees eng bal identesch Ëmfro duerchgeféiert asw. D'Ëmfro ëmfaasst Froen zu der Persoun (z. B. Alter, Geschlecht), der Liewenssituatioun (z. B. Schoul- oder Aarbechtssituatioun), dem sozioekonomesche Status (z. B. Bildungsniveau, Stotausgaben, Beruff a Gebuertsland vun den Elteren), der Gesondheet (z. B. physesch oder psychesch Beanträchtegungen), dem Gesondheetsverhalen (z. B. kierperlech Aktivitéit, Alkohol-, Zigaretten-, Cannabiskonsum, preventiivt Verhalen), dem sozialen Ëmfeld (z. B. Frënn, Famill, Wunnsituatioun, Stot), der Politik (z. B. politeschen Interessi a Vertrauen), der Digitaliséierung (Zougang zu an Notzung vun digitalen Apparater, elterlech Iwwerwaachung, Onlineléieren, Risikoen am Zesummenhang mat Spiller, soziale Medien an negative Onlinebegéignungen) esouwéi de Meenungen an Astellunge vun de Participanten (z. B. iwwer Schoul, Aarbecht, kënschtlech Intelligenz).

## Stéchprouwenauswiel an Auswiel vun de Befroten

Et gi maximal 22 000 Participanten nom Zoufallsprinzip duerch proportionellt stratifizéiert Stéchprouwenauswiel ausgewielt. Bei der Stéchprouwenauswiel gi follgend Stratifizéierungsvariabele berücksichtegt: 1) Alter (12 – 29), 2) Geschlecht an 3) Kanton zu Lëtzebuerg. D' UL berechent

d’Stéchprouwegréisst fir all Schicht an d’Auswielverfare fir déi Befrot gëtt vum Centre des Technologies de l'Information de l'État (CTIE) duerchgeféiert. Den Zougang zum RNPP gouf dem CTIE vum Ministère fir Digitaliséierung no Unhéierung vun der Kommissioun vum RNPP gewiert (n/réf.: n110: Jugendëmfro Lëtzebuerg).

## Notzung vun Opwandsentschiedegungen

Online-Opwandsentschiedegungsbongen am Wäert vu 15 Euro ginn un déi éischt 2 000 Participanten no Ofschloss vun der Ëmfro verdeelt.

## Dateschutz

D’Universitéit Lëtzebuerg setzt Moossname fir d’sécher a vertraulech Veraarbechtung vun Äre perséinlechen Daten duerch, an déi fir d’Datenerhiewung (d’Ëmfro) an d’Dateveraarbechtung zoustänneg Fuerscher si verflicht, d’Vertraulechkeet ze erhalen.

Déi wärend der Ëmfro gesammelt Date gi fir de virdru genannte Fuerschungsprojet an déi domat verbonne Fuerschung wéi Dokteraarbechten a politesch Berichter gebraucht.

Perséinlech Äntwerten, déi wärend der Ëmfro ofgi ginn, ginn nëmme mat Ärer viregter Zoustëmmung erfaasst a verschafft. Är Date ginn ënner Verwendung vu Pseudonymmen erhuewen a gespäichert, dat heescht, d’perséinlech Date gi mat engem Code verschlësselt, deen et de bedeelegte Fuerscher vun der Universitéit Lëtzebuerg a Baussestoenden onméiglech mécht, déi Befrot ze identifizéieren. Dohier ass et net méiglech, Iech zu iergendengem Zäitpunkt perséinlech ze identifizéieren, weeder virun, wärend nach no der Ëmfro.

Beuecht wgl. och:

- Dir sidd berechtegt, d’Ëmfro jidderzäit ze ënnerbriechen oder zouzemaachen.
- D’Participatioun un der Ëmfro ass gratis an op fräiwëlleger Basis.
- Duerch d’Participatioun un der Studie, erkläert Dir Iech domat averstanen, datt Är Date fir déi uewe genannt Zwecker verwent ginn.

## Weider Informatiounen

Weider Informatiounen iwwer Är Rechter fannt Dir hei am Informatiounshiweis zur Veraarbechtung vu perséinlechen Daten.

Kontaktpersoune fir weider Froen:

Numm: Prof. Dr. Robin Samuel

Positioun: Dozent

E-Mail: robin.samuel@uni.lu

Numm: Dr. Caroline Residori

Positioun: Spezialistin fir Fuerschung an Entwécklung

E-Mail: caroline.residori@uni.lu

Tel.: (+352) 46 66 44 9695

Wann Dir Bedenken a Bezuch op Är Participatioun hutt, da went Iech wgl. un de Fuerscher oder den Dateschutzbeoptraagte vun der Universitéit Lëtzebuerg (E-Mail: dpo@uni.lu).